LSAP

N°4239
Entrée le 16.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Delegéierte Minister fir Tourismus weiderzeleeden.

Den Holzsteeg, deen am Mëllerdall bei déi beléifte Kallektuffquell féiert, ass schonn zanter iwwer engem Joer gespaart. Am Mäerz 2025 war nach ugekënnegt ginn, datt de Steeg esou séier wéi méiglech sollt erneiert ginn. Engem rezente Presseartikel no hunn d'Aarbechten awer bis haut nach net ugefaangen, an et bleift weiderhin onkloer, wéini mat enger Reparatur oder engem Ersatz vum Steeg ze rechnen ass.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Kann den Här Minister matdeelen, wéini d'Aarbechten um Holzsteeg bei der Kallektuffquell am Mëllerdall ufänke wäerten?
- Wéini ass mat enger Reouverture vum Wee fir d'Wanderer an d'Touristen ze rechnen?
- Kann den Här Minister preziséieren, wien aktuell fir d'Reparatur oder den Ersatz vum Holzsteeg zoustänneg ass?
- Firwat sinn d'Aarbechten, obwuel am Mäerz 2025 eng séier Realisatioun annoncéiert gouf, bis haut nach net ugaangen?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert

Ben Strefff
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu